PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun, Immigratioun an Asyl & Justiz weiderzeleeden.

Mat Hëllef vun der ukrainescher App *Dija* ("Aktion") goufe virum Ausbroch vum Krich an der Ukrain eng Rei staatlech administrativ Prozeduren an och perséinlech Pabeieren digitaliséiert. De Benotzer*innen vun der App ass et esou bspw. méiglech offiziell Dokumenter an der App ze generéieren/späicheren a bei enger Kontroll ze presentéieren.
Grad a Krichszäite kann et fir geflüchte Persoune schwéier sinn, un hier offiziell Dokumenter ze kommen, wann dës virun der Flucht zerstéiert goufen oder wärenddeem verluer gaange sinn. En Unerkenne vun den digitalen Dokumenter aus der ëffentlecher Applikatioun *Dija* duerch Lëtzebuerg an och aner EU-Staate kéint deemno villen Ukrainer*innen eng Hëllef sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn zu Lëtzebuerg digital Dokumenter aus der ukrainescher App *Dija* als offiziell Dokumenter akzeptéiert?
2. Falls net: Firwat net a wat misst geschéien, fir eng Unerkennung méiglech ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député